



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, d'Madamm Gesondheitsminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

An engem Artikel am Tageblatt ("Die Zukunft durch Verbote gestalten", 3. Januar 2023) schreift de fréiere sozialistesche Minister Robert Goebbels ënnert anerem och iwwer Feinstëps. Feinstëps ass ëmmer am natierlechen Ëmfeld, gouf awer an Diesel-Diskussiounen vill als Argument géint de Verbrennungsmotor gebraucht. Tatsächlech bréngt d'Mobilitéit Feinstëps haaptsächlech duerch d'Ofnotze vu Pneuen a Bremsplaketten. Grad dës zwee Elementer sinn awer bei Elektroautoe mat hirem héije Gewiicht besonnesch signifikant.

An dësem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu méi strenge Feinstëpsnormen op EU-Niveau, déi den Här Goebbels a sengem Artikel uschwätzt? Ass dat wëssenschaftlech verrietbar? Sinn déi ëmstridde Moossmethoden a -standuerter gekläert? Ass zweifelsfräi gekläert, wéi vill Feinstëps natiirlech a wéi vill mëschgemaach ass? Kann d'Regierung d'Informatioun bestätegen, datt déi 72 Statiounen zu Lëtzebuerg keen Iwwerschreide vun den aktuellen Normen gemooss hunn?
2. Spillt d'Gewiicht vun den Elektroautoe beim Produzéieren vu Feinstëps duerch Pneuen a Bremsplaketten eng entscheidend Roll?
3. Ass d'Pneue-Steier eng satiresch Prophezeiung vum Här Goebbels oder gëtt et konkret Projeten?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten